n° 3687

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:46, 22/02/2021

Lëtzebuerg, den 22/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Verdeedegung weiderzeleeden.**

Am Gesetz vum 26ten Dezember 2012 ass d'Demarche fir Soumissiounen am Beräich Sécherheet a Verdeedegung festgeluecht. Am Prinzip ënnerleien all d'Soumissiounen an der EU, déi iwwert 412 000€ (fir Servicer a Liwwerungen), respektiv 5 150 000€ (fir Aarbechten) leien, dësem Gesetz. Laut den Artikele 56 a 57 muss de Lëtzebuerger Staat der Europäescher Kommissioun Statistiken iwwert d'Unzuel an de Wäert vun den Ausschreiwunge matdeelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ausschreiwungen aus dem Beräich Sécherheet a Verdeedegung gouf et säit 2012 op Basis vun dësem Gesetz?

2. Wéi vill Kontrakter goufen ob Grond vun dësen Ausschreiwungen ofgeschloss?
   Wat fir Servicer waren an dësen Ausschreiwunge festgehalen?
   Mat wéi villen Acteuren ass d'Regierung am Moment nach am Gaangen op Grond vun esou Ausschreiwungen, Kontakter ze verhandelen?

3. Am Gesetz si verschidde Fäll festgehalen, an deenen de Kontrakt nei verhandelt ka ginn, ouni dass eng nei Ausschreiwung muss gemaach ginn. Dëst ass zum Beispill de Fall, an enger Krisesituatioun oder wann et ëm geschützten Technologië geet, déi nëmmen eng Firma kann ubidden. An dëse Fäll kënnen d'Kontrakter fir 5 oder 7 Joer verlängert ginn.

   Bei wéi ville Fäll koum et zu Verlängerunge vun de Kontrakter?
   Ginn et Kontrakter, déi am Moment nach lafen an déi trotzdeem aktuell schon nees (oder demnächst) néi verhandelt ginn?
   Aus wat fir Grënn ginn dës Kontrakter nei verhandelt?

4. Wou kënnen d'Bierger(innen) ofgeschlossen Ausschreiwungen noliesen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3687 du 22.02.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Marchés publics de la défense et de la sécurité

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés